

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Mee 2020

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

De Paperjam vum 14. Mee mell, datt den Deontologiekodex vun der Regierung sollt iwwerschafft ginn. Als Grond ginn déi aktuell professionell Aktivitéite vun engem fréiere Minister genannt. Dat war awer net den eenzege Kontext, an dem den Deontologiekodex vun der Regierung a rezenter Vergaangenheet diskutéiert gouf.

Dowéinst wéilt ech dem Här Staatsminister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Ännerunge plangt d'Regierung un hirem Deontologiekodex?
2. Soll zum Beispill reglementéiert ginn:
 - a) datt e Regierungsmember keng direkt oder indirekt Reklamm fir e Betrib däerf maachen, besonnesch dann net, wann hien oder no Familljemembere finanziell Interessien an deem Betrib hunn oder haten?
 - b) Gëtt an deem neien Text och reglementéiert, wéi a wéini e Regierungsmember op offiziellem Pobeier ka schreiwen a wéini de Gebrauch vun enger offizieller Entête en Abus duerstellt?
 - c) Wëll d'Regierung präzisieren, datt kee Minister däerf an eegener Saach eng Decisioun huelen?
 - d) Gëtt an deem neien Text och präziséiert, wéi e Minister korrekt mat enger Affär ëmgeet, wou e Mandataire vu senger Partei oder e Frënd betraff ass?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten